

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Mee 2020

Här President,


sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, un den Här Héichschoulminister an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Zënter 1919 gëtt et déi International Astronomesch Unioun (IAU) mat Sëtz um «Institut d'Astrophysique de Paris». Well Lëtzebuerg eng aktiv Roll am Beräich vun der Notzung vum Weltraum spillt, stellt sech d'Fro, ob et schonn eng bilateral Relatioun mat der IAU gëtt an, wann nee, een net sollt probéieren, eng Relatioun opzebauen. Ënnert de Memberassociatioune vun der IAU sinn och 82 "National members". Ënnert den Aktivitéite vun der IAU, déi wëssenschaftlecher an net kommerzieller Natur sinn, fënnt een och den "Office of young astronomers", deen an Zesummenaarbecht mat der norwegescher Akademie vun de Wëssenschafte jonk Astronomen usprécht.

Dowéinst wëllt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Gëtt et am Abléck Relatiounen tëschent Lëtzebuerg als Staat oder Lëtzebuerger Entitéiten, wéi z.B. der "Luxembourg Space Agency", der Universitéit, der SES oder Anere mat der IAU?
2. Gëtt et Pläng fir eng Zesummenaarbecht mat der IAU, och fir z.B. jonk Wëssenschaftler, déi sech mat astronomesche Froe beschäftegen, ze ënnerstëtzen?
3. Gëtt et eng Lëtzebuerger Participatioun un den internationale Symposie vun der IAU ?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding
Deputéierten



Fernand Kartheiser
Deputéierten